N°5196
Reçue le 06.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madam Gesondheetsministesch an dem Här Minister vun der sozialer Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5196 vum 8. November 2021 vun den honorabelen Députéierten Här Jeff Engelen an Här Roy Reding.**

*1) Wéi schätzt d'Regierung d'Gefor an, wat Cyberattacken op eis Klinicken am Allgemengen an op Patientendonnéeën am speziellen ugeet? Trëfft d'Regierung Moossnamen, fir dës Gefor ze minimiséieren?*

Wéi vum honorabelen Deputéierten beschriwwen ass den Risiko vun Cyberattacken an der ganzer Welt eng kritesch Problematik an Lëtzebuerg ass do d'selwecht gefuerdert. De Gesondheetsministère ass am enken Kontakt mat all den Akteuren am Gesondheetssecteur. Eng gemeinsam Analyse vun potentiellen Risiken ass mat den Akteuren vum Terrain ënnerholl ginn fir eng kohärent Approche progressiv können en place ze setzen. Fir weider Informatiounen verweisen mir op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Ufro Nummer 1568 vum 4.12.2020.

*2) Wat geschitt am Fall, wou Klinicken hei am Land Affer vu Cyberattacke ginn? Ass een Noutfallplang virgesinn? Wei gesait deen aus?*

Eventuell Attacken mussen an hirer Envergure ageschat gin an d'Reaktioun ass deementspriechend variabel. d'Akteuren vum Terrain hunn een Noutfallplang ausgeschafft fir d'Fäll vun net Disponibilitéit vun hirem Réseau informatique. Des Approche evoluéiert progressiv en Fonctioun vun den Besoinen. Fir zousätzlech Informatiounen verweisen mir op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Ufro Nummer 108 vum 18. Juni 2021.

*3) Wei vill Cybersecherheetsexperte si fir eise Gesondheetssecteur am Asaz? Wei ginn des Leit rekruteiert?*

Den Volet Sécurité informatique gëtt op verschiddenen Niveauen adresséiert. Dozou gëtt et Initiativen déi um Niveau vum Staat finanzéiert ginn am Kader vum Staatsbudget respektiv um Niveau vum Spidolssecteur duerch d'Gesondheetskees finanzéiert ginn. Des Initiativen konkretiséieren sech duerch Prestatiounen déi vun Experten geleescht ginn an och duerch een direkten Suivi duerch Ressourcen bei den verschiddenen Akteuren.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2021

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert